PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/01/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Mir gouf ee Fall zougedroen, wou eng Persoun d'Transkriptioun vun engem auslännesche Führerschäin an e Lëtzebuergesche Führerschäin ugefrot huet. An engem Bréif gouf déi betraffe Persoun opgefuerdert, fir innerhalb vu 4 Wochen ee rezente psychiatresche Rapport eranzeschécken, deen am Detail attestéiert, dass et bei der betraffener Persoun keng medezinesch Conter-Indicatiounen, fir d'Fuere vun engem motoriséierte Gefier gëtt. Sollt déi betraffe Persoun där Opfuerderung net nokommen, géif hir Demande ofgeleent ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Virum Hannergrond vun engem grousse Mangel un Dokteren am Beräich vun der Psychiatrie, wéi kann e Ministère vun enger Persoun innerhalb vu 4 Woche e rezente psychiatresche Rapport fuerderen, wëssend, dass et laang Waardezäite fir e Rendezvous bei engem Psychiater gëtt?

2. Sollten dës kuerz Delaie gesetzlech virgeschriwwe sinn, firwat goufen dës Delaien nach net ëmgeännert, fir se un déi aktuell ganz problematesch Situatioun bei verschidden Dokteren unzepassen?

3. Sollten dës kuerz Delaie gesetzlech virgeschriwwe sinn, gedenkt de Minister dës Delaien un déi aktuell ganz problematesch Situatioun bei verschidden Dokteren unzepassen?
   - Wa jo, wéini?
   - Wa nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten